N° 7950
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Et gouf un eis eru gedroen, dass et rezent zu ville Verspéidunge bei den Arrivéeë vun de Passagéierflich hei um Findel géif kommen. Dëst, well d'Direction de l'Aviation Civile (DAC), der Administration de la navigation aérienne (ANA) géif virschreiwen, dass d'ANA just nach 12 Arrivéeën an der Stonn, amplaz vun deene bis dohi méiglechen 20, dierf erlaben.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass d'DAC der ANA viru kuerzem virgeschriwwen huet, just nach 12 Arrivéeën an der Stonn ze erlaben?
2. Sollt dës Limitatioun an der Unzuel vun de méiglechen Arrivéeë pro Stonn der Realitéit entspriechen, firwat ass et zu dëser Ännerung komm?
3. Wéi vill Vollen am Passagéiertransport landen, opgeschlësselt pro Mount, pro Joer um Findel?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten